N°4624
Entrée le 17.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.08.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Am Kader vum Bësch- a Vegetatiounsbrand am Héije Venn huet de CGDIS 11 Pompjeeë mat 3 Gefierer geschéckt, fir déi belsch Kolleege bei de Läschaarbechten z'ënnerstëtzen. Lëtzebuerg profitéiert dagdeeglech vun der enker Zesummenaarbecht an der Solidaritéit an der Groussregioun.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. No wéi enge Krittäre gëtt d'Zuel vun de Pompjeeën a Gefierer festgeluecht, déi de CGDIS bei enger Ufro aus dem Ausland fir eng Bëschbrand-Hëllef zur Verfügung stellt?

2. Ass déi geleeschten Hëllef vun 11 Pompjeeën a 3 Gefierer de Maximum, deen de CGDIS ënnert deene konkreten Ëmstänn kéint zur Verfügung stellen, oder wier eng méi grouss Ënnerstëtzung méiglech?

3. Wéi vill Pompjeeën a Gefierer sinn theoretesch verfügbar, fir zäitgläich am Ausland ze hëllefen, ouni datt d'operationell Interventiounsfäegkeet zu Lëtzebuerg dorënner leit?

4. Wéi gëtt bei sou enger Ufro ofgewien tëscht der Solidaritéit an der Groussregioun a der Noutwennegkeet, genuch Ressourcë fir eege Missiounen zu Lëtzebuerg ze behalen?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés